LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 25 vum 16. November 2023 vum honorabelen Deputéierten Jeff Engelen.**

*1. Wéi ass et an den Ae vun der Madamm Minister ze veräntwerten, datt Leit, déi un Osteoporos oder anere Knachestoff-Krankheete leiden, zu Lëtzebuerg bis 2025 waarde mussen, fir en Termin fir eng „Knochendichtemessung" ze kréien?*

*2. Wéi laang sinn der Madamm Minister dës inakzeptabel Delaie scho bekannt? Goufe bis dato schonn Ustrengungen ënnerholl, fir där Situatioun entgéint ze wierken?*

*3. Ass et an den Ae vun der Madamm Minister elo net dréngend noutwenneg, fir de Gesondheetssecteur an deem Beräich ze reforméieren? Wéi sollen dës Ustrengunge konkret ausgesinn an ass elo virgesinn, wieder Geräter unzeschafen, fir esou eng Diagnos ze erméiglechen?*

Dem Ministère fir Gesondheet a sozial Sécherheet ass den beschriwwenen Problem bekannt. Et sief awer gesot dass dringend Terminer kuerzfristeg zougedeelt ginn wann d'Ordonnance dat esou ausweist.

Am Kader vum Projet de loi vun den gardes et astreintes [1]ass eng Erhéijung vun der maximaler Unzuel vum medizineschen Équipement, wat noutwenneg ass fir eng "Knochendichtemessung", vun 1 op 3 Unitéiten virgesinn an misst erlaben den Delai vir net dréngend Terminer erofzesetzen. D'Unzuel ass determinéiert ginn am Sënn vun enger regionaler verbesserter Disponibilitéit vun Apparater.

*4. Kann d'Madamm Minister präziséieren, no wéi engem Berechnungsschlëssel gepréift gëtt, wéi vill Geräter noutwenneg sinn, fir datt Patienten an engem akzeptabelen Delai kënnen esou eng „Knochendichtemessung" virhuelen?*

Am Kader vun den Dispositiounen vum Artikel 3 vum Spidolsgesetz wäert am Joer 2024 eng Mise à jour vun der Evaluatioun vun den Besoins sanitaires virgeholl ginn. Op dëser Basis gëtt déi national Planung och vun Equipementer an Apparater no den Dispositiounen vum Artikel 14 vum Spidolsgesetz determinéiert.

[1] Amendements gouvernementaux au projet de loi n°8277 portant modification de la loi modifiée du 8 mars 2018 relative aux établissements hospitaliers et à la planification hospitalière en vue d'autoriser l'Etat à participer au financement des gardes et astreintes des médecins hospitaliers dans les centres hospitaliers et les établissements hospitaliers spécialisés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

*5. Sinn der Madamm Minister wieder Fäll bekannt, wou Patiente mat inakzeptabelen Delaie konfrontéiert sinn, fir eng medezinesch Ënnersichung kënne virzehuelen? Wa jo, a wéi engem medizinesche Beräich trieden dës Delaien op a wat sinn d'Ursaachen (z.B. Personalmanktem, Manktem un techneschem Ekipement etc.) fir dës Delaien?*

Dem Ministère fir Gesondheet a sozial Sécherheet sinn niewent der Situatioun bei der uewen beschriwwener Knochendichtemessung och punktuell Delaien bei dem Accès zu dem Plateau médico technique vun der Radiologie, notamment bei den IRM, an och an der Mammographie bekannt.

Wéi an der QP 7582 zu der Mammographie an der QP 7978 zu der Radiologie vun der deemoleger Gesondheetsministesch erkläert, goufen Aktiounen vum Ministère fir Gesondheet zesummen mat den Spideeler ënnerholl fir des Situatioun ze verbesseren.

Generell kann een soen dass dringend Ënnersichungen een Rendez-vous séier zougewisen kréien wann d'Ordonnance vum Dokter d'Drénglechkeet vun der Ënnersichung kloer uweist an motivéiert. An dësem Sënn sinn verbessert Organisatiounen vun den Sekretariater vun dem Radiologie Service duerch déi eenzel Spideeler en place gesat ginn an erlaben d'Zoudeelung vum Rendez-vous, deels mat telefonescher Call Center Struktur an deels mat engem digitalen Zougang, zu den Servicer ze verbesseren.

An der Mammographie huet den Ministère fir Gesondheet mat der Gesondheetsdirektioun eng Hotline en place gesat fir dem Dokter ze erlaben Hëllef ze kréien wann hien keen Rendez-vous fir saïn Patient kuerzfristeg kann zougedeelt kréien.

Lëtzebuerg, den 6. Dezember 2023

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez